


05. Mäerz 2022 / 52

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Ewéi an der leschter Newsletter ugekënnegt hate mir, de Jugendausschoss, nachmol Reunioune mat den Zonalen Instrukteren, wou etlech positiv Resultater fir d'Wëssenstester erauskomm sinn.




Mir hunn awer och matgedeelt krit, dass ëmmer kleng Adaptioune kéinte gemaach ginn. De Wëssenstest gëtt ëmmer iwwert déi aktuell Handouten gemaach, déi dir um Sharepoint vum CGDIS INFS fanne kënnt.

All Moniteur huet hei Zougrëff a jiddereen deen nach ëmmer Problemer sollt hunn, soll sech bei eis resp. bei den Zonalen Instrukteren mëllen, wou dann de richtege Kontakt matgedeelt gëtt.

Als Informatioun gëllt, dass een ëmmer Handouten vum Sharepoint soll huelen. Des sinn ëmmer um aktuelle Stand. Oppassen > an der leschter Zäit goufen iwwerall nach Verbesserungen an den Handouten gemaach.

All Jugendlechen deen e Wëssenstest besicht, d.h. ab 2022, krit vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën e Classeur, wou hien kann Matière (Handouten FISI.1 & FISI.2), déi enn vum Moniteur krit, dra ka maachen.




Wichteg ass och nach, dat bei eise Froe wäerten elo och Zeechne resp. Biller dra sinn, dass sech eis Jugendlech besser orientéieren kënnen.

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**Aktuellen Stonnenplan FIS 1:**


| Vers. 21/08/20 | Tag 1 | Tag 2 | Tag 3 | Tag 4 | Tag 5 | Tag 6 | Tag 7 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 08.00 - 08.55 | Einleitung<br>*Theorie* | Fussdienst<br>*Theorie* | Brennen und Löschen<br>*Theorie* | Gefahren an der Einsatzstelle und Unfallverhütung<br>*Theorie* | Absichern der Einsatzstelle<br>*Theorie* | Raisonnement tactique<br>*Theorie* | Digitale Lernerfolgskontrolle<br>*Theorie* |
| 09.00 - 09.55 | Grundkenntnisse (CIC)<br>*Theorie* | Fussdienst<br>*Praxis* | | | | Gefahrenstoffe<br>*Theorie* | Wiederholung, Knoten<br>*Praxis* |
| 09.55 - 10.05 | | | | | | | |
| 10.05 - 11.00<br>11.05 - 12.00 | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 3 Gruppen, siehe unten | Arbeiten in 2 Gruppen, siehe unten |
| 12.00 - 13.00 | | | | | | | |
| 13.00 - 13.55<br>14.00 - 14.55<br>14.55 - 15.05 | **Block 1:**<br>Trink- und Löschwasser-versorgung<br>Leinen, Knoten und Anschlagmethoden<br>Wasserführende Armaturen und Schlauchkunde | **Block 2:**<br>Fahrzeugkunde<br>Saugleitung<br>Umgang mit Funkgeräten | **Block 3:**<br>Schlauchmgt gerollt und Schlauchpaket<br>Schlauchmgt Schlauchtragekorb<br>Experimente zu Brennen und Löschen | **Block 4:**<br>Löschlehre Schaum<br>Standardlöschangriff mittels Saugleitung<br>Standardlöschangriff mittels Hydrant | **Block 5:**<br>Transport von Verletzten<br>Patientenbetreuung bei PKW-Unfällen<br>Stromversorgung an der Einsatzstelle | **Block 6:**<br>SER Brand MFH<br>SER Brand EFH<br>Auslaufen von Betriebsstoffen | **Block 7:**<br>THL (Übung)<br>Brand (Übung) |
| 15.05- 16.00<br>16.05 – 16.30<br>16.30- 17.00 | | | | | | | Wiederholung, allgemein |

**Wëssenstest FIS I.1 > BRONZE**

*Theoretischen Deel:*
Trink- und Löschwasserversorgung
Wasserführende Armaturen und Schlauchkunde
Fahrzeugkunde

*Prakteschen Deel:*
Leinen, Knoten und Anschlagmethoden
Umgang mit Funkgeräten
Fussdienst

Jiddereen soll op des Zeechen oppaassen:





Froen fir den Wëssenstest kommen aus dësen Sparten ☺

**Wëssenstest FIS I.2 > SELWER**

*Theoretischen Deel:*
Brennen und Löschen
Gefahren an der Einsatzstelle und Unfallverhütung
Schaumlehre

*Prakteschen Deel:*
Leinen, Knoten und Anschlagmethoden
Umgang mit Funkgeräten

Jiddereen soll op des Zeechen oppaassen:




Froen fir den Wëssenstest kommen aus dësen Sparten ☺

# Molconcours vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

An der nächster Woch wäerte folgend kleng Moler Post vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën kréien (dëst Iwwert de CIS resp. direkt per Bréif). Mir soen Iech alleguerten nachmols MERCI fir déi flott Zeechnungen.

Andy Joseph (Roodt)
Noah Berscheid (Weiswampach)
Scott Berchem (Lintgen)
Anastasia Breser (Lintgen)
Ben Hurt (Pétange)
Alessio Pierraggi (Rambrouch)
Tim Weber (Moutfort)
Gabriel Berchem (Lintgen)
Sven Rinnen (Weiswampach)
Leia Greischer-Gessner (Mondorf)

## POMPJEESVERBAND FLASH Save the date 2022

**AG FNP & JFA**
29.04.2022 um 19.00 Auer Veianen Centre Culturel “Larei”

**Museum Days 2022**
14. & 15.05.2022 vun 10-18 Auer Pompjeesmusée an der Géitz zu Woltz

**NTRC – National Trauma & Rescue Challenge**
15.05.2022 am CIS Kehlen / am Kader vun der Porte ouverte

**SPILLERDAG fir d’Jugendpompjeeën Regioun Zentrum**
09.07.2022 zu Béiwen/Attert

**CTIF Pompjees-Olympiad**
17. bis 24.07.2022 zu Celje a Slowenien

**World Rescue Challenge**
07. bis 11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**2. Journée Nationale de la Sécurité**
11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**Nationaler Feuerwehr-Cross**
01.10.2022 in Weiswampach


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

# EVENT-KALENNER:

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, Ärem CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt des gären per Mail op **communication@cgdis.lu** mat.

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder volontariat@cgdis.lu

| 2022 | | |
|---|---|---|
| März | 26.03. | CNIS |
| April | 30.04. | Itzig |
| Mai | 28.05. | Bascharage |
| Juni | 25.06. | Larochette |
| Juli | 30.07. | Clervaux |
| August | 27.08. | Beckerich |
| September | 24.09. | CNIS |
| Oktober | 29.10. | Itzig |
| November | 26.11. | CNIS |
| Dezember | 17.12. | Bascharage |



### Flott Aktioun aus der Jugendaarbecht:



**Wanterwanderung vun den Jugendpompjeeën Regioun Zentrum**

En Samsdeg, 5 Februar hunn sech eng 90 Jugendpompjeeën aus der Regioun Zentrum, um Parking beim Mariendaller Klouschter getraff, fir en Fousstour am Eichdaal. Si waren encadréiert vun hiren Moniteuren an Helfer. Géint 10:00 Auer hunn si sech op den Wee gemaach, an direkt no dem „Centre des refugiés" lenks an den Bësch. En richteg flotten Fousspad, den biergop an biergof laanscht eng Fielswand goung, an ons uewen op en Plateau bruecht huet, laanscht den alen Mariendaller Waasserbehälter, wou se nees an den Bësch goungen. Hei war eng Paus ugesot, wou Uebst an en waarmen Schocki prett stoungen. No dëser klenger Stäerkung goung et du weider op d'Reiterlay, vun wou een eng flott Aussicht op dat alt Klouschter an d' Buerg vun Huelmes huet. Vun do goung et nees erof bei d'Eich an dëser no bis op den Hunnebuer. Hei gouf et dunn en Maufel vum Grill an och Gedrénks, fir déi verschafften Kalorien ze ersetzen. Kuerz virun 2:00 Auer nomëttes, war dunn nees jiddereen an den entspriechenden Ween fir den Réckwee. D'Gesamtstreck goung iwwert c.a. 7 Kilometer.



Mariendaaler Klouschter:
erbaut am 13 Joerhonnert an vun den Dominikanerinnen bewunnt bis zum Joer 1783. Sëtz vun den wäissen Pateren vun 1890 bis 1974. Haut ginn d'Gebailechkeeten vum SNJ bedriwwen.


**CIS Bertrange – Strassen:**







**CIS SaDiff:**







**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068